



04. September 2021 / 47

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Bal ass Vakanz eriwwer a du wäert nees mat ärer Jugend schaffen. Déi eng fänken direkt un d'Jugend op hiren Wëssenstest ze preparéieren, déi aner trainéieren fir CTIF-Concours 2022, aner maachen Laf-Training als Virbereedung op den nationalen Cross den 25. September 2021 zu Rosport, asw.

Jidderengem nees vill Spaass mat senger Jugend gewëncht 😊.

Nodeems déi verschidden FOCO'en elo um Lafen sinn, sief gesot, dass och ab dësen Weekend den 1ten JSP1 leeft a sou déi nächst Moniteuren an der Ausbildung sinn. 2022 wäerten dann och JSP2 & JSP3 kommen.

Schlecht Noriichten sinn awer och kuerz virun der Vakanz nach komm, well den Educateur Bob Rausch huet gekënnegt, well hien nachmol e neien Challenge sicht. Mä direkt gött e Merci an Richtung INFS, déi direkt nees des Plaz ausgeschriwwen huet, dass dësen Posten schnellsten nees besat gött.

Et gouf awer och vill trainéiert an der Vakanz, ewéi z.Bsp. 24Stonnen Übungen, Besuch mat der Jugend am Pompjeesmusée "an der Géitz".

Bleift gesond.

Merci am Numm vum JFA!



Hei fannt dir alles a Saachen Pompjeescross: <https://www.fnsp.lu/media/pdf/Cross-2021.pdf>

Einladung zum „ 42. Feuerwehr-Cross“

Werte(r) Zenterchef(in), Werte(r) Präsident(in) der Amicale,
Werte(r) Jugendleiter(in),

Der Nationale Feuerwehrverband, in Zusammenarbeit mit der Sportkommission, des CIS Rosport und dem Regionalverband Osten, beehren sich Ihnen mitzuteilen, dass wir den diesjährigen Verbandsross am 25. September im Sauerpark in Rosport organisieren.

Sie sind hierzu, mit Ihrem CIS oder GIS herzlichst eingeladen.

Nachstehend einige Informationen betreffend den Cross.

Austragungsort: Rosport - Sauerpark
Parking: Parking beim Sauerpark
Datum: Samstag, den 25. September 2021

<u>Kategorie</u>	<u>Alter</u>	<u>Distanz Herren</u>	<u>Distanz Damen</u>
MINIMES	08 - 09 Jahre	800 Meter	800 Meter
PUPILLES I	10 - 12 Jahre	800 Meter	800 Meter
PUPILLES II	13 - 15 Jahre	1600 Meter	1600 Meter
JUNIORS	16 - 20 Jahre	4000 Meter	2400 Meter
SENIORS I	21 - 28 Jahre	6400 Meter	4000 Meter
SENIORS II	29 - 35 Jahre	4000 Meter	2400Meter
VETERANS I	36 - 45 Jahre	4000 Meter	2400 Meter
VETERANS II	46 - 55 Jahre	4000 Meter	2400 Meter
VETERANS III	56 - 65 Jahre	4000 Meter	2400 Meter

	ZEIT	KATEGORIE		DISTANZ
1. Start	14:00 Uhr	Minimes	Damen	800 m
2. Start		Minimes	Herren	800 m
3. Start		Pupilles 1	Damen	800 m
4. Start		Pupilles 1	Herren	800 m
5. Start		Pupilles 2	Damen	1600 m
6. Start		Pupilles 2	Herren	1600 m

Pompjeesfederatioun mat hiren Regiounen, Jugendkommissioun, Sportkommissioun, Region Osten mam CIS Rosport hoffen, dass vill Sportler op Rouspert kommen. Natirlech sinn d'Leit vun den CIS'en, Amicale'en souwéi och all Elteren wëllkomm, wëll vun kleng op grouss freeën sech op Uféieren.

Des Weideren ass Sportskommissioun och um Schaffen fir eng kleng Streck op Been ze setzen, dass eis "Bambinien" och kéinten een "Run4Fun" laafen.



INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach
→ Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder volontariat@cgdis.lu

2021		
September	25.09.	Wasserbillig
Dezember	18.12.	Bascharge



→ <https://gd.lu/wbDHP> (August)
→ <https://gd.lu/7z71rG> (September)



WICHTEG:

Enn Juli 2021 gouf duerch DPV iwwert den Service communication den CIS mat sengen Moniteuren ee wichtegt Dokument verschéckt mam Thema "Jugendpompjeeën am CGDIS". Wien dësen PDF net krit huet, kann sech rouheg bei eis mëllen oder:

<https://112.public.lu/fr/CGDIS-Newsletter/08-2021/Jugendpompjeeen-am-CGDIS.html>

D'Jugendpompjeeën am CGDIS

D'Zukunft vum Rettungsdéngscht opbauen

Département des Pompiers Volontaires

Jean-Jacques Schroeder

mardi, 27 juillet 2021



De Lio Liewensretter am RTW

De Lio Liewensretter gëtt et elo och a Petzi-Form. Alleguer d'CIS'en mat Ambulanz kréien der zu Verfügung gestallt fir wann jonk Patienten en Charge geholl ginn.

Op de leeschten Stëppel:

De Service national de la Jeunesse (SNJ) mécht grad eng Ëmfro iwwert d'Mediennotzung vun de Jonken zu Lëtzebuerg.

D'Zil dovun ass et erauszefannen, wéi déi Jonk d'Medien notzen a wéi eng Risike si aktuell um Internet wouerhuelen, esou datte si an Zukunft méi gezielt am Ëmgang mat dëse Risike gestärkt kënnen ginn.

Mir giffen eis freeën, wann Dir dës Enquête un Är Jonker kéint weider leeden (z.B. op de Camps & Colonies), oder si dorop opmierksam kéint maachen.

Alter: ënner 30 Joer

Dauer: +- 10 Minutten

Gewënnspill: Fir ee vun den 3 [Letzshop](#)-Bongen am Wäert vun 100€ ze gewinnen, muss ee seng Handysnummer oder E-mail Adress uginn.

Hei fannt Dir d'Linke vun der Enquête a kënnt och gären eis Affiche (am Unhang) an Äre Strukturen ophänken fir déi Jonk drop opmierksam ze maachen.

- DE: <https://de.surveymonkey.com/r/NJCQG5G>
- FR: <https://de.surveymonkey.com/r/NJCQG5G?lang=fr>

Du bist unter 30?
Dann richtet sich diese Umfrage an dich.

Tu as moins de 30 ans ?
Dans ce cas, cette enquête s'adresse à toi.

Umfrage zur Mediennutzung der Jugendlichen

Enquête sur l'utilisation des médias par les jeunes

D'Enquête leeft bis den 1. Oktober. Mir freeën eis iwwert all Participatioun!



Scan me 



Scan me 

Unter allen Teilnehmerinnen und Teilnehmern, die ihre Email-Adresse oder Handynummer angeben, verlosen wir 3 Geschenkgutscheine im Wert von 100 Euro bei Letzshop.



Parmi tous/toutes les participant[els] qui fourniront leur adresse e-mail ou leur numéro de téléphone portable, nous tirerons au sort 3 gagnants qui se verront offrir chacun un chèque-cadeau d'une valeur de 100 euros chez Letzshop.

 Service National de la Jeunesse

 BEE SECURE

SAVE THE DATE



 **12. OKTOBER 2021 | 9.00 - 12.00**
Informéieren, Austausch, Begéinen

FOIRE VUN DER JUGENDAARBECHT

Den Event fir Neies aus dem
Secteur gewuer ze ginn a sech
auszetauschen.

**Méi Informatiounen fir e Projet
virzestellen oder e Stand ze
maache kritt dir Ufank September
mat der offizieller Invitatioun.**



 **FORUM GEESEKNÄPPCHEN**
40, bld Pierre Dupong, L-1430 Luxembourg

 **Service National
de la Jeunesse**



Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzubannen ☺!
Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-
Gesetz), da sot eis Bescheid.

Newsletter 047 – www.jugendpompjeeen.lu – Ausgabe September 2021
nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068